

Lieweslaf vum

Lord an der Lady Baden-Powell

Robert Stephenson Smyth Baden-Powell, Lord of Gilwell, genannt B.P. (Bipi)

- 1857** den 22. Februar 1857 gëtt de B.P. zu London an England gebuer; hien huet 9 Geschwëster.
- 1859** säi Papp stierft; seng Mamm, eng formidabel Fra, suergt fir d'Erzëiung vun de Kanner.
- 1870** mat 13 Joer ass hie Schüler am 'Charterhouse College', wou hien am Bësch vun der Schoul sech selwer säin éischt Naturwësse bäibréngt.
- 1876** de B. P. ass den 2. vun iwwer 700 am Opnamexame fir an d'britesch Arméi; hie gëtt an Indien an engem Kavallerie-Regiment agesat; säin Zäitverdreif si Sport, Theater a Konnschaaften.
- 1888** 1. Feldzuch a Südafrika.
- 1889** den 22. Februar -also op den Dag genee 32 Joer méi spéit ewéi de B.P.- kënnt seng zukünfteg Fra, d'Olave St Clair Soames zu Derbyshire op d'Welt. 16 mol sinn d'Olave an hir Eltere bis zu hirem Alter vun 23 Joer geplënnert; dëst hat weider keen Afloss op dem Olave hir Studien, well hir Elteren, déi sech es gutt stoungen, konnten hir eng Léierin bezuelen. Dës Zäit huet hir awer net vill bruecht; esou erkläert sech och hire Kommentar iwwert dës



Liewensabschnitt: 'Mäi Liewe war glécklech beschützt, awer komplett onnëtz'.

- 1889-1892** hie spionéiert an Osteuropa fir d'Arméi.
- 1899-1900** Burekrich a Südafrika; hie verteidegt 7 Méint laang mat Fantasie a Mënschekennntnis d' Stad Mafeking géint eng grouss Iwwermuecht: fir verschidde Chargen zitt hien d'Bouwe mat erun, déi hir Missiounen géint all Erwaarden tip top erfëllen. 'Aids for scouting', e Buch fir Zaldote geschriwwen, gëtt geschwënn an der Kannererzéiung gebraucht.
- 1902-1903** Opbau vun der südafrikanescher Polizei; hien organiséiert och déi britesch Kavallerie nei; hie gëtt Generol.
- 1907** zesumme mat 22 Bouwe campéiert hien op der Insel Brownsea; iwwerzeegt vu sengen Theorien iwwer d'Jugend, grënnt hien d'Scouten.
- 1908** an den Hefter 'Scouting for boys' schreift hien eng Iddi iwwer de Scoutissem nidder.
- 1910** hie verléisst d'Arméi a këmmert sech nach just ëm d'Scouten, deenen hir Zuel rasant geklommen ass.
- 1912** D'Olave Saint Clair Soames begéint, wéi si mat hirem Papp op enger Croisière an der Karibik war, "nëmmen engem interessante Mann, dem BOY SCOUT MAN" wéi si selwer schreift. E puer Méint méi spéit gi si verlobt, an den 30.10.



vum selwechte Joer bestuede si sech, aus dësem Bestiednes koumen dräi Kanner, de Peter, gebuer 1913, d'Heather, 1915, an d'Betty, 1917. Well si dem B.P. vill gehollef huet, ass hiren Intressi um Scoutissem gewuess.

- 1916** iwerhëlt si d'Leedung vun de Guiden an England.
- 1916** d'Wëllefcher gi gegrënnt.
- 1919** d'Rover gi gegrënnt.
- 1920** den 1. Jamboree, e Camp mat Scouten aus aller Welt, ass zu London, an de B.P. gëtt «Chief-Scout» vun alle Scouten aus der ganzer Welt; och Lëtzebuurger sinn derbäi.
- 1928** gëtt de Weltverband vun de Guide gegrënnt
- 1929** aus dem B.P. gëtt en Adlegen, de 'Lord of Gilwell'.
- 1930** gëtt d'Lady B.P. Chief-Guide of the World
- 1937** um Jamboree an Holland seet hie senge Scouten awuer.
- 1938** de B.P. zitt sech an Afrika zréck.
- 1941** am Alter vun 83 Joer stierft de Baden-Powell den 8. Januar am Kenia, wou en och begruewe läit.
- 1945 & 1965** war d'Lady B.P. zu Lëtzebuerg.
- 1977** de 25. Juni stierft si; zu dësem Zäitpunkt goufen et schonns iwwer 7 Millioune Guiden.

Dem B.P. säi leschte Bréif

Dem B.P. säin Abschiedsbréif un d'Boy Scouts an d'Girl Guides vun dëser Welt:

Liebe Pfadfinder!

In dem Theaterstück „Peter Pan“, das Ihr vielleicht kennt, ist der Piratenhäuptling stets dabei, seine Totenrede abzufassen, aus Furcht, er könne, wenn seine Todesstunde käme, dazu keine Zeit mehr finden. Mir geht es ähnlich. Ich liege zwar noch nicht im Sterben, aber der Tag ist nicht mehr fern. Darum möchte ich noch ein Abschiedswort an euch richten. Denkt daran, dass es meine letzte Botschaft an Euch ist, und beherzigt sie wohl. Mein Leben war glücklich, und ich möchte nur wünschen, dass jeder von Euch ebenso glücklich lebt.

Ich glaube, Gott hat uns in diese Welt gestellt, um darin glücklich zu sein und uns des Lebens zu freuen. Das Glück ist nicht die Folge von Reichtum oder Erfolg im Beruf und noch weniger von Nachsicht gegen sich selbst. Ein wichtiger Schritt zum Glück besteht darin, dass Ihr Euch nützlich erweist und des Lebens froh werdet, wenn Ihr einmal Männer sein werdet.

Das Studium der Natur wird Euch all die Schönheiten und Wunder zeigen, mit denen Gott die Welt ausgestattet hat, Euch zur Freude. Seid zufrieden mit dem, was Euch gegeben ist, und macht davon den bestmöglichen Gebrauch. Trachtet danach, jeder Sache eine gute Seite abzugewinnen.

Das eigentliche Glück aber findet Ihr darin, dass Ihr andere glücklich macht. Versucht, die Welt ein bisschen besser zurückzulassen, als Ihr sie vorgefunden habt.

Wenn dann Euer Leben zu Ende geht, mögt Ihr ruhig sterben im Bewusstsein, Eure Zeit nicht vergeudet, sondern immer Euer Bestes getan zu haben.

Seid in diesem Sinn „allzeit bereit“, um glücklich zu leben und glücklich zu sterben. – Haltet Euch immer an das Pfadfinderversprechen, auch dann, wenn Ihr keine Knaben mehr seid.

Euer Freund
Baden-Powell of Gilwell

Baden-Powell of Gilwell

Warte nicht
auf den Erfolg,
verursache ihn.

